PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéi an däitsche Medien ze liesen ass, plangt d'USA d'Fligeren, déi am Besetz vum Roman Abramowitsch sinn, ze beschlagnamen. De "Warrant of Seizure" nennt dann och d'Gulfstream Maschinn LX-RAY, déi ënnert Lëtzebuergeschem Fändel flitt. Den amerikanesche Justizministère huet aktiv Schrëtt ugekënnegt, fir an de Besetz vun dëse Fligeren ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hunn d'USA schonns offiziell zu Lëtzebuerg ugefrot, fir de Gulfstream ze beschlagnamen?
2. Wat fir Konsequenze wäert dës Initiativ vun den USA op Lëtzebuerg hunn?
3. Wéi plangen d'Lëtzebuerger Autoritéiten d'USA bei der Beschlagnamung z'ënnerstëtzen? Si scho Mesurë geholl ginn oder geplangt?
4. Wéi eng Schrëtt hunn d'Ministèren ënnerholl, fir Lizenze vun de Fligere vun Oligarchen ze entzéien an dës Fliger ze blockéieren?
5. Sinn nach weider Fligeren ënner Lëtzebuerger Lizenz déi Gefor lafe vu Sanktioune getraff ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député